Jonglënster, den 07. Mäerz 2025

# 15. Reunioun – Rapport

**04. Mäerz 2025 – Centre Culturel „Am Duerf"**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 14. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Avis Sportleréierung

- Am Avis geet et ënnert anerem ëm Gestaltung vun der Sportleréierung, eng méi grouss „Mise en Valeur“ zumools vun deene Jonken, d’Méiglechkeet als Veräin opzetrieden, respektiv eng kleng Demo ze maachen. Dësen Avis ass vun de Memberen aus der Kommissioun iwwerkuckt ginn.
- Esou mir eis zimmlech séier ënnert eis eens, dass verschidde Froen déi opgeworf gi sinn, musse gekläert ginn. Nëmmen esou kënne mir ee kompletten Avis zur Sportleréierung eraus ginn. Dofir gesinn d’Presidentin an de Sekretär de Sportschäffen déi nächst Woch en Dënschdeg, den 11. Mäerz.
- Den Haaptdeel vum Avis steet an dësen ass och an der Kommissiounsversammlung ugeholl ginn. No dem Gespréich mam Sportschäffen, wäert de Sekretär den Avis komplettéieren an deenen anere Memberen an der Kommissioun zoukomme loossen.

## 5) Avis Krittären - Sportleréierung

- Leider hate mir de Moment vun der Versammlung nach keng Beispilldokumenter vun de Verdeelungsschlësselen an deenen anere Gemengen. Dofir gëllt et hei selwecht wéi fir de Punkt 4:
- Den Avis a senger ugepasster Form vum Sekretär ass vun de Memberen an der Kommissioun ugeholl ginn. Dëse gëtt awer nom Gespréich mam Sportschäffe komplettéiert. Och hei hu mir nach zesumme verschidden Aspekter festgestallt, déi mir wäerte klären. Esou kënne mir eisen Avis däitlech komplettéieren an domadden och verbesseren.

## 6) Avis Interrailticket

- Den Draft vum Avis iwwert dee sougenannten Interrailticket-Subside ass de Membere vun der Kommissioun zwou Woche virun der Versammlung zoukomme gelooss ginn.
- An der leschter Versammlung hu mir festgehalen, dass mir dës Initiative begréissen an och een „Avis favorable“ wäerten ausstellen. Des Weideren hu mir an dëser 15. Versammlung nach dräi konkreet Virschléi ausgeschafft. De Sekretär wäert dës upassen an de Kommissiounsmemberen zoukomme loossen. Esou kënne mir dann dee finalen Avis dem Gemengerot zoukomme loossen, fir dass dësen am Gemengerot vum 4. Abrëll wäert kënne gestemmt ginn.

## 7) Lënster Wibbelt

- Den Numm vun der neier „Nuit du Sport“ wäert „LENSTER WIBBELT“ sinn. Dëst ass vum Schäfferot esou decidéiert ginn.
- Mir wäerten d’Konzept vun dësem Event esou loossen, ewéi d’lescht Joer mat verschidden Adaptatiounen.
- Nodeems an deene leschte Wochen ee „Save the Date“ eraus gaangen ass, ass och d‘lescht Woch ee Bréif mat all den Informatiounen a weideren Detailer un d’Veräiner verschéckt ginn. Hei wäert ënnert anerem ee Link respektiv ee QR Code dobäi si fir sech als Veräin un „LENSTER WIBBELT“ unzemellen. D’Membere vun der Kommissioun haten d’Méiglechkeet dëse Link iwwert de Weekend ze kucken a Verbesserungsvirschléi ze maachen. Mir waren eis bewosst, dass dat leider net laang ass, leider war et net anescht méiglech.
- Mir kruten eng Demande vum Fechtclub fir dierfe bei dësem Event matzemaachen. Op den éischte Bléck begréisse mir dëst, dat bedéngt well de Veräin sech wëll an onser Gemeng néier loossen an hei Fechten ubidden. Dëst ass eng gutt Méiglechkeet fir ze kucken, ob hei an eiser Gemeng eng Demande do ass. Hei musse mir awer kucken, mat de Slots keen anere Veräin ze benodeelegen.
- Den Hiefenecher Basketveräin wëll och dëst Joer erëm matmaachen. Dat gesi mir als Kommissioun positiv, dëst soll zu deene selwechte Konditioune wéi d’Editioun 2024 gemaach ginn.
- Den Dëscht-Tennis Veräin vu Lënster an dee vu Buerglënster wiesselen sech all Joer of. Dëst hunn déi zwee Veräiner esou ënnert sech ofgemaach. Nodeems den Datum geännert ginn ass, fält d’Event dëst Joer op de selwechten Dag wéi hiren „Italieeneschen Owend“. Duerch dës ongënschteg Situatioun wäerte mir kucken, dass si deen éischte Slot vu 16 – 18 Auer kréie wann si dëst wëllen.
- Mir wäerten dëst Joer eng Presenzlëscht fir de Montage an Demontage fir d’Veräiner hunn. Hei mussen si selwer ënnerschreiwen a mir contre.signéieren. Dëst fir ze verhënneren, dass verschidde Veräiner sech net bedeelegen.
- Den Datum betreffend d’Informatiounsversammlung huet geännert. Esou wäert dës elo Donneschdes, den 03. Abrëll um 19 Auer als stattfannen.
- Zesumme mat der Kommagence vun der Gemeng, gëtt alles am Marketingberäich geplangt.
- D’Auerzäite 16 - 22 respektiv 23 fir de Foodvillage bleiwen. D’Entrée geet um 15:30 Auer op.
- Dëst Joer wäerte mir Entréesbännecher mat lafender Nummer hunn. Esou spuere mir Zäit an der Entrée a wëssen och direkt wéi vill Leit op eisem Event waren.
- Et wäert och ee Changement beim Spullwon ginn. Alleguerten d’Veräiner wäerten sech um Spullwon bedeelegen. All Infos heizou kréien si an der Versammlung.
- D’Stempelkaart fir d’Kanner sou wéi d’Gewënnerbongen hale mir bäi.
- Mat der Soundfirma gëtt gekuckt op mir méi Haut-Parleueren um Site verdeele kënnen.
- Den Opbau an d’Krittäre vum Verdeelungsschlëssel sollen d’selwecht bleiwe wéi fir d’Editioun 2024.

## 8) Seefekëschterennen

D'Presidentin an de Sekretär hu sech mat deene Responsabel aus dem Déifferdenger Jugendhaus getraff fir iwwert d'Seefekëschterennen 2025 ze schwetzen. D'Versammlung huet 1 Stonn geduaert an huet am Jugendhaus zu Déifferdeng stattfonnt.

**DATUM & ORGANISATEUREN**

- D'Gemeng Biissen déi bis elo mat bei dësem Projet dobäi war, an eis och d'lescht Joer eng Hand mat ugepak huet, mëscht héchstwarscheinlech net méi mat. Mir krute gesot, dass hir Gemeng net méi esou hannert dësem Projet steet.
- Ee Moment huet eng véiert Gemeng Interessi gewisen. Dëst ass d'Gemeng Réiden. Hei ass awer keng weider Noricht méi vun hirer Säit aus komm.
- Eis Seefekëschterennen fënnt am Kader vum Lënster Maart statt. Esou wäert dëst, Samschdes, den 20. September 2025 stattfannen.
- Zu Déifferdeng wäert d'Seefekëschterennen Sonndes, den 21. September stattfannen, also den Dag duerno. Dëst ass bedéngt dass d'Seefekëschterennen zu Déifferdeng vum SteelRun a vum „Dag wéi Fréier" entkoppelt gëtt. Dësen Trio huet ëmmer de Weekend virun der Rentrée stattfonnt.
- Dëst bitt eis d'Méiglechkeet ee „Nationale Seekëschteweekend" ze organiséieren.

**MATERIAL**

- Esou wëlle mir och dëst Joer vun eiser Zesummenaarbecht a Punkto Material profitéieren.
- D'lescht Joren huet Déifferdeng hier Start/Zil System fir d'Zäit ze stoppe bei engem Honds Agility Veräin geléint kritt. Hei si leider e puer Accidenter mat Seefekëschte geschitt, sou dass dëst net méi méiglech ass. Mir wäerte kucken eventuell bei engem grousse Sportsgeschäft zu Lëtzebuerg eng Demande ze maachen, respektiv bei engem Liichtathletikveräin.
- Eventuell kann d'Startramp vun enger Autosgarage dëst Joer gedeelt ginn.
- Hei musse mir och ofchecken, wéi mir dëst aus organisatoreschen a budgetstechnesche Grënn realiséiere wäerten. Dëst bedéngt dass Déifferdeng eng ASBL mat engem Verwaltungsrot ass, a mir eng Kommissioun vun der Gemeng sinn.

**KOMMUNIKATIOUN**

- Mir wëllen eng gemeinsam Kommunikatioun maachen. Esou wäerte mir ee Flyer maache mat deenen zwee Eventer respektiv Datumer.
- Wichteg hei ass, dass dëse souwuel d'CI vun der Gemeng Junglënster wéi och déi vun hirer ASBL respektéiert.
- Mir froen dëst am Service Communication no, wéi mir hei am beschte fir souwuel de MAG a Plakater, wéi och fir d'Socials virginn. Eventuell kënne mir am nächste MAG schonn ee Save the Date dra setzen.
- Esou wäerte mir och Mediekontakt organiséiere fir Pub am Viraus a Reportagen duerno (Eldo, Essentiel, Wort, Tageblatt, Essentiel)

**CHAMPIONNAT**

- All Seefekëschterenne mat op sengem Event seng eege Critère respektiv Disziplinnen, wéi zum Beispill Slalom, Course, Geschwindegkeet, asw.
- Mir wäerten ee gemeinsame Punktesystem fir d'Gesamtkategorie erstellen. Dëst fir ze garantéieren, dass déi zwee Renne gläichgestallt sinn.
- Fir déi 3, 2 an 1 Plaz vum gemeinsame Championnat wëlle mir och eng Coupe ginn. Zousätzlech soll déi 1.Plaz vum gemeinsamen Tournoi och ee Bong fir an ee Sportsgeschäft kréien.
- Déifferdeng hat déi lescht Joren och ëmmer ee sougenannten „Prix public". Dat kënne mir eis och iwwerleeën.

**DIVERS**

- Mir wëlle fir déi zwee Seefekëschterennen eenheetlech Reegelen an och déi selwecht Dokumenter.
- D'Aschreiwunge wäerten am Alter vun 8 – 99 Joers sinn.
- Mir wäerten ee Flyer mat engem QR Code maachen, dass een elektronesch alles kann ofgi fir sech unzemellen.
- Déifferdeng ass grad a Gespréicher mat engem neie Partner fir beim technesche Volet wéi d'Lenkung an d'Bremsen si ze ënnerstëtzen. Eventuell kënne mir eis hei uschléissen.

**LENSTER - spezifësch**

- D'lescht Joer hat d'Gemeng generéiserweis véier Sets kaf. Dat ass fir dëst Joer net virgesinn.
- Mir wäerte mam Sportschäffen iwwert déi genau Strooss schwätzen.
- Et wäerten zu Lënster 3 Präisser pro Kategorie, sou och Medaillen fir alleguerten d'Participante ginn. Déi schéinst Seefekëschte kënnt op d'Bün.
- Zesumme mam Service Communciation ass festgeluecht ginn, dass d'Präisiwwerreechung um 16 Auer op der Bün wäert stattfannen.

## 9) Ëmfro Veräiner

- De Sekretär huet de Memberen aus der Kommissioun een Dokument zesummegestallt mat alleguerten de genauen Äntwerte vun de Veräiner.
- Eng Persoun aus der Kommissioun ass amgaangen eng Zesummefaassung vun dësen Äntwerten ze schreiwen.
- Wärend dëser Versammlung hu mir ganz laang an detailléiert iwwert déi verschidde Probleemer, déi Veräiner eis erkläert hunn, diskutéiert a schonn zesummen éischt Léisungsusätz festgestallt.
- De Sekretär wäert doropshin een éischten Draft vum Avis schreiwen. Et gouf festgeluecht, dass dëse soll aus zwee groussen Deeler bestoen. Engersäits eng Probleembeschreiwung, dat heescht wat sinn déi grouss Challengen déi mir konnten identifizéieren. Anersäits wäert den zweeten Deel de „Léisungsdeel" ginn. Dat heescht mir wäerten hei probéieren, ganz konkreet Léisungsvirschléi ze ginn, déi ee soll ëmsetzen. Dëst mam Zil, de Probleem entgéintzewierken.

## 10) Oppen Diskussioun

- **Noahltege Frisbee**
  - Ee fréiere Member vun dëser Kommissioun aus der Legislaturperiod 2011 – 2017 huet de Sekretär op deen deemolege Projet „Nohaltege Frisbee“ ugeschwat.
  - Et handelt sech heibäi ëm eng Zort Frisbeeschéissen a natierlecher Form. Dëse war ugeduecht uewe beim Schlass zu Buerglënster an der sougenannter „Grillbud“. Hei sollt nieft den Deplianten iwwert d’Wanderweeër och duerch een Automat d’Méiglechkeet gebuede sinn, Frisbee ze spillen. Zudeem war deemools geplangt, dass een dës Discen och an d’Epicerie zu Lënster nieft der Gare kéint siche goen.
  - En änleche Projet gëtt et am Süden ënnert dem Numm Golffrisbee zu Diddeleng. Hei gëtt en och nach Disc Golf Park genannt.
  - Eis aktuell Presidentin huet Kontakt mat der deemoleger Sekretärin opgeholl. Si huet eis gesot, dass si eis alleguerten hier Dokumenter vun 2014 géif zu Verfügung stellen.
  - Och elo scho gëtt déi Plaz vu ville Leit mat hire private Frisbeeë benotzt.

- **Fechte – Club**
  - Mir kruten eng offiziell Demande vun engem Fechtclub mat den Erklärungen an enger Powerpoint Präsentatioun, dëst fir sech an eiser Gemeng néier ze loossen.
  - Eventuell kënne si ee Slot op der „Lënster Wibbelt“ kréien an hunn sou d’Méiglechkeet sech virstellen, a kucken op eng Demande an eiser Gemeng do ass. Esou wéi am Punkt 7 erkläert.
  - Als Sportskommissioun sti mir souwuel enger Néierloossung vun engem Fechtclub, wéi och schonn an enger virechter Versammlung (13. Reunioun) beschwat engem Feldhockey, positiv géigeniwwer. Mir ginn awer ze bedenken, dass mir elo schonn an der Gemeng en Infrastrukturmangel hunn, an dësen doduerch eventuell vergréissert gëtt.

- **VDL**
  - Mir hunn eng Demande bei der Ville de Luxembourg gemaach fir hiert „Paddle Gebai“, eventuell kucken ze goen. Leider krute mir hei nach keng Äntwert.

- **Tunnel Gonnereng - Graffiti**
  - De Projet Graffiti hu mir am Service Communication nach eemol ugeschwat. Dëst gëtt am Schäfferot Beschwat an da kréie mir weider Informatiounen.

- **Maskottchen**
  - De Service Communication freet am Schäfferot no wat hir „Grondastellung“ zu dësem Thema ass, a mir da weider doru schaffe kënnen.

- **Logo Kommissioun**
  - Mir krute matgedeelt, dass mir eise Logo vun der Kommissioun net dierfen esou benotze wéi en ursprünglech geduecht war. Dofir hu mir elo mam „Service Communication“ ausgemaach, dass si dëst elo iwwerhuelen. Dat heescht konkret, dass d’Agence vun der Gemeng dësen iwwerschafft respektiv ännert, dëst conforme zur Corporate Identity vun der Gemeng.

- **Paddle**
  - Des Weideren ass an der Versammlung iwwert d’Thema Respekt geschwat ginn. Hei ass d’Iddi opkomm eng Sensibiliséierungscampagne ze maachen zesumme mat enger Tool Box. Dëst fir engersäits de Veräiner ënnert d’Äerm ze gräifen an anersäits deem rezente Vandalismus eng Äntwert ze ginn.

## 11) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 31.03.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 16.Reunioun |
| 03.04.2025 | 19:30 | à déterminer | Veräinsversammlung – Lënster Wibbelt |
| 23.04.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 17.Reunioun |
| 12.05.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 18.Reunioun |
| 17.05.2025 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Wibbelt |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 12) <u>Ënnerschrëften</u>

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär